

# DE VERFLIXTEN ZEITUNGSARTIKEL.

---

---

---

E Stude'ierzömmen — eugem Pensionnat.

- Anny : T'ass awer fir en Har op d'Stir ze kre'en, dass fir ze baschten mat dém e'wge Balkanisch ac mir' elo müssen durchbechsen — fönnds du net och, Victorine ?
- Victorine : Hm, Hm ?
- Anny : Wat leit mir un dém — dém domme Krig, ech le'ere neischt dervun, wat brauche mir dé Nidderträchtigkäten ze wössen. — Du he'ers iwerhapt net wat ech soen, wat hues du alt eröm eso interessantes ze liesen, loss emol kucken.
- Victorine : (mecht d'Buch zo') Dat ass neischt fir dech, Anny, fir so eppes ze liesen muss é me' stark Nerven hun, wést du der hues.
- Anny : Ech ka mer et schons denken, du wärds alt eröm eng Ke'er eng Kriminalgeschichte liesen, wo' der eso eng 20 do't geschloe gin.
- Victorine : Dat ass nun emol a mengem Goût, an de' Geschichten interes-  
sere mech destomé, well se sech a menger Hémecht ofspillen.
- Anny : Du wéss awer, Victorine, dass d'Directrice eis de' Bicher ganz streng verbueden huet.
- Victorine : Dat wéss ech grad eso' gudd we's du, duerfir liesen ech se jo och hémlech.
- Anny : Dat ge'f ech awer net riske'eren, well jiddefalls müsse ganz wichtig Grönn virleien, fir dat ze ver'bidden.
- Victorine : Neischt liesen ech le'wer we' eso' e Roman an ech muss se liesen.
- Anny : De' machen dech eso' nervös, wésste nach we's du dé lescht Nuecht eso' onro'eg gedrémt hues, du has dech secher mat de Spützbüwen an de Mierderen.

- Victorine : Wat mengst de ? Drém kommen aus dem Mo !
- Anny : Nén, de' kommen vun denger verbuedener Lektür, du bass och schon eröm so' opgerégt, nömmen du wöills dir et net soe lossen.
- Victorine : Mat dengem domme Gaquatsch kann ech jo guer net liesen !
- Anny : Victorine, gef net be's, ech mengen et jo gudd mat dir.
- Victorine : Jo, ech wéss et jo, wat solle mir dann elo machen ?  
(et schellt) (bekenken sech)
- Victorine : Ech lossen Eis kommen, bass du d'accord ?
- Anny : Klor, huel Vanille, dat ass gudd !
- Caroline : (Dengschtmédchen, e gudd dommt. Et schwätzt ganz bréd an drachech) Et huet geschellt, wat soll ech machen ?
- Victorine : Hei huet dir Geld an da gidd der eis Eis kafen. Sot si sollten iech gudd miessen, et ass fir eis zwé. Huet dir dât verstanen ?
- Caroline : (bleiwt stoen)
- Victorine : Ma wuerfir git dir da net ?
- Caroline : Soll ech dann d'Schlittschong och matbrenge ?
- Victorine : Nu kuok emol, wat dat Caroline de Gock mat eis mache kann, nén, d'Schlittschong brauche mer net.
- Caroline : Net, dann ass et gutt, da kann ech jo lo goen (gét gemittlech fort).
- Olga : (könnt eran) D'Caroline schengt eng ganz wichteg Kommissio'n ze hun et ass mat engem do'déschte Gesicht lanscht mech gerannt. Et hat mech bal ömgeheit.
- Victorine : Hatt sollt eis Eis kafe goen an du huet et jo net gefrot op et och d'Schlittschong sollt matbrenge.
- Anny : D'Caroline ass en Original. Et muss én sech oft bockelech mat em lachen.
- Olga : Nu lauschtert emol, dir gudd Kanner, huet dir nach neischt he'eren, mur soll jo eis nei Joffer kommen.
- Victorine : O Mamm, muere schon !
- Anny : Scho muer, si sollt dach ere'scht de' aner Woch kommen ?
- Olga : Nén, muer könnt se an iwer muer kre'e mer schon eng franze'sch Stonn bei hir.
- Anny : Dass net me'glech ! Ech si ganz paff, ech hu nach neischt gele'ert !
- Victorine : Ech si gespannt we' en ale Prabli. Soll se interessant oder langweilig sin, sche'n oder grässlech, deck oder dönn, gudd oder we'scht ???
- Olga : Ech konnt nach neischt doriwer gewuer gin. Mais dat werde mer geschwönn he'eren a gesin. Ech gin dem Marianne et och nach soen. Also, bis derno !
- Victorine : Also muer könnt eis nei Joffer, ech si ganz fro', well mir hun am franze'schen vill geschwänzt an t'ass mei le'wst Fach, meng le'wst Sproch.

- Caroline : (könt eran mat engem E'mer voll Eis)  
Hei ass ert Eis ! (De' aner lachen hårt)  
Mais wuerfir lâcht dir mech aus ?
- Anny : Caroline, a wat brengs du eis do ? Dât ass jo richtig Eis,  
oh jé, ech kann net me' !
- Caroline : Dajé, huet ert Eis, dass fir iech zwé dass ech et siche war.
- Victorine : An dât solle mir iessen ?
- Caroline : Jo, dât könt dir elo gleich. Ech wor bei eisem Noper, bei de  
Mechel, dât ass jo so' e nette Mönch. Hien huet gemengt dât  
Eis wär fir e Kranken, duerfir huet hie mir och de Eisblos  
hei matgin an hie wollt ké Geld duerfir hun !
- Anny : We' kommt dir dann un de' deck Eisknuppen ?
- Caroline : Ma jo, wann ech der nach me' an den Emer kritt hätt, dann  
hätt ech der nach me' mattbruecht.
- Victorine : Dir sollt dach Eis bei den Zockerbäcker siche goen !
- Caroline : Wât sôt dir ? Eis vum Zockerbäcker ?
- Anny : Nu gitt, Caroline, soss kre'e mir nach Lachkrep.
- Caroline : Wât de' Efallen nömme ze lachen hun, ech hât hinnen dach  
alles bruecht wât si bestallt hâten (gét fort).
- Olga : Wât ass dann hei geschitt, dass dir eso' lâcht ? (t'Victo-  
rine fänkt röm un an sengem Buch ze liesen, et huet et um  
Scho'ss dass kén et soll gesin).  
(Marianne ass mam Olga zesammen erakomm)
- Anny : Ass d'Caroline iech net bege'nt mat sengem Emer Eis ?
- Olga : An önnert dem Arm eng Eisblos, fir wien soll dât sin ?
- Anny : Et wor zevill sche'n, mir hun Tre'ne gelacht. Denkt iech,  
mir hâten et gescheckt Eis bei den Zockerbäcker kafen,  
du bringst et en Emer Eis vum Wirt.
- Olga : De' ass gudd geholl, dât schued iech zwo' Schnéckeschen  
emol neischt. Awer wat liest d'Victorine eröm, et he'ert  
an et geseit jo neischt.
- Anny : Oh, alt eröm eng Kriminalgeschichte !
- Marianne : Da loss et nömme geworden. Ech wollt iech nömme dat neit  
Muster weisen, dât meng Mamm mir geschter geschenkt huet,  
kuckt, we' gefällt et iech (weckelt eng Handarbecht aus  
enger Zeidong) Et ass e ganzt neit Muster.
- Olga : D'ass wonnersche'n ! Hues du och schons he'eren, dass mir  
muer eng nei franze'sch Le'erin kre'en ?
- Marianne : Muer schon ? Ech hât he'eren de' nächst Woch !
- Victorine : Durand, dât ass eso' en echte Kriminalnumm, den Détektiv  
an döser Geschichte héscht och eso' - dât ass wirklech en  
Held !
- Anny : Du verdre's dir de Kapp ganz mat denge Kriminalgeschichten,  
iwerall geseis de De'w an Abrécher.
- Olga : Jo, Anny, eso' ass et. Et gétt scho net me' schlofen o'ni  
virdrun an de Schaf an önnert d'Bett gekuckt ze hun !

- Marianne : Bei dém klangste Spektakel erfe'ert et gleich !
- Victorine : Hu, könt ech nömme émol eso' e Neischnotz erwöschén, dir ge'ft iech nach verwonneren. Hei, dát wär menges. Als Held vum Dâg sting ech do, mei Numm a meng Photo ke'men an d'Zeidong. Duerfir le'ss ech mech extra beim beschte Photograph aus dem Land ofmolen (lét d'Buch op d'Seit. Di âner lachen).  
Jo, lacht dir, dir huet jo ké Blut an den Odren awer ech, aus mir muss emol eppes dichtiges gin !
- Olga : Kommt, Kanner, mir gin an de Gârd (all fort bis op d'Victorine)  
(D'Marianne huet d'Zeidong om Dösch leie geloss)
- Victorine : (hölt d'Zeidong a liest dran, an engems schwätzt et)  
Ech wârd iech weisen wât ech sin. - Hei, wât stét elei ?  
Hei sichen se eng Perso'n, de' zu Pareis Diamanten am Wert vun 2 Millio'nen gestuel huet, an dát geschter - Belo'nung 50 000 Frang - Signalement : Haar : schwarz, Nues mettelme'sseg - Bre'l - Dât do ass net schlecht, wann de' mer an de Grapp le'f, ech geng so gleich erkennen. 50 000 Frang, dát ass net schlecht (Victorine schellt)  
(Op dem Victorine sei Schellen könt d'Caroline eran mat enger gro'sser Bâkschossel am Arm. Et ass dichteg drun mat engem hölze Leffel ze re'eren)  
Caroline, brengt mer eng Tass Kakao (schwätzt aus Kakau)
- Caroline : Wât, e Kapaun ?
- Victorine : Nén, dass fir ze drenken we' Schokola.
- Caroline : Elo wéss ech et, ech bringe Lemenad.
- Victorine : Wât macht dir da gudds do ?
- Caroline : Dât get e Kuch fir de' nei Le'erin, de muer komme soll (ne'tzt an d'Schossel datt d'Miel ewechstöpst)
- Victorine : O, dát elo get en appetitleche Kuch. Wuer deckt der dan fir de Kaffi ?
- Caroline : (botzt d'Nues um Schirtech) Hei am Zömmmer huet Directrice kommede'ert. (Caroline of, le'sst d'Schossel um Dösch stoen)
- Victorine : Mat dém Framensch ass ower nun neischt ugefangen. D'Schossel le'sst et och nach stoen. Wart, ech well him eng abrocken. Dé Kuch kann dach kén iessen, thuet dra gene'tzt a geho'scht. Wart, ech verstoppen him d'Schossel. Awer wuer ? Aha, hei am Schâf ass eng gudd Platz - eso' ass et gudd (stellt d'Schossel an de Schaf) Awer elo sin ech ganz vu mengem Steckbre'f ofkom. (Et liest nach eng Ke'er) Schwarz Hoer, keng ze deck Nues. Mond normal an si dre't e Bröll. Elo muss ech awer meng Geschicht ferdeg liesen (an engems könt d'Directrice eran) O Mamm ! eis Directrice ! (wöllt d'Buch verstoppen)
- Directrice : Wât verstoppt der do viru mir ?
- Victorine : Dass .... dass ....
- Directrice : Weist mir dát Buch (Victorine wöllt net, göt et dann awer)
- Directrice : Also, e Kriminal-roman.
- Victorine : Dass e sche'nt Buch !

- Directrice : Dir wösst, dass ech iech de'Bicher streng verbueden hun, well si verdierwen de Géscht an verdre'nen iech de Kapp. Dir könnt also net follechen, dât ass net sche'n. Ertapen ech iech nach eng Ke'er mat eso' enger Lektür, da git der op der Platz héngescheckt. Dât Buch elei hâlen ech. Ech gesin, ech muss iech vill me' streng kontrollere'n. Wo' sin är Kolleginnen ?
- Victorine : Si machen Handarbecht am Gard.
- Directrice : Si sollten hir franz'esch Lektio'n le'eren, dass se muer alles gudd wössen, wann de' nei Le'erin ufänkt. Ech wârd hinne dât elo nach soen.
- Victorine : Datt de' awer och grad elo huet misse kommen !
- Caroline : (könt eran a sicht an allen Ecken)
- Victorine : Wât macht dir dann eröm hei, ech hun dach net geschellt ?
- Caroline : Ech hu meng Schossel mam Dég anzwo' stoe geloss. Ass se net hei ? Soll en da verhext sin !
- Victorine : D'Miel, dât muss dach an der Kiche sin !
- Caroline : Nén, dass net do !
- Victorine : Mengt der da vleicht et wâr hei. Hei fannt der et net. (Caroline of)
- Le'erin : (könt eran mat enger Réstäsch am Réskostüm) Bonjour, bonjour, Mademoiselle.
- Victorine : Nén, wât de' mech elo erfe'ert huet !
- Le'erin : Suis-je bien au pensionnat ?
- Victorine : Mais oui - Mais, gesin ech richtig. D'Joffer huet grad eso' e Gesicht, we' et an der Zeidong beschriwen ass.
- Le'erin : Mademoiselle, je ne comprends pas.
- Victorine : We' gudd a we' fein, jo si ass den De'f vun dénen Diamante, elo muss ech se festhalen, awer we' ?
- Le'erin : Personne ne m'attend aujourd'hui, j'arrive un jour plus tôt.
- Victorine : We' kann de' so' roeg bleiwen, si ass et jo, si ass et ganz gené.
- Le'erin : Mais je crois, que je me plairai bien ici dans cette contrée tranquille.
- Victorine : Majo, lo sêt si och nach an döser ro'eger Ge'gend ge'f et hir gudd gefâlen, jo, hei ass jo och hire Neischnotz gudd verstoppt - awer we' kann ech se festhalen bis d'Polizei könnst ? - Eng gudd Idee, ech soen, si soll hiren Hutt hir an de Schaf léen an da spären ech si mat dran an bis d'Polizei könt. - Venez, Mademoiselle, veuillez déposer votre chapeau dans cette armoire.
- Le'erin : Mais oui, bien volontiers (Victorine ste'sst se dran a spärt en zo').
- Victorine : Aha, elo hun ech eng gro'ss Sâch ferdegbruecht. Wât werden de' aner Ae machen. Ech gin elo dichteg - kommen an d'Zeidong an da werd eis Directrice och endlech agesin, dat et ganz gudd ass alles ze liesen. (Et stecht de Schlüssel vum Schâf an d'Täsch, stecht d'Zeidong an dér d'Handarbecht ageweckelt wor, un sech a sât op d'Polizei) (D'Le'erin klappt a jeitzt).

- Marianne : (Könt mat senger Handarbecht eran a sicht seng Zeidong).  
Wo' ass dann meng Zeidong, an der ech meng Handarbecht  
ageweckelt hât. D'Victorine wärt alt eröm dra geliest hun  
a se mat viru geschléft hun. Hat muss jo alles liesen wat  
et fönt. (D'Le'erin jeitzt am Schaf) Wat war dât elo, ass  
vleicht e Géscht hei ? D'Caroline sét jo ömmer et ge'f am  
Haus spukken. (Streckt d'Hänn an d'Lucht a léft fort)
- Anny : (könt mat Blumen eran) Wann eng nei Le'erin könt, da musse  
mer se fröndlech empfanke an duerfir brengen ech de'  
Blumen hei (Gepolter am Schaf) Höllef, Höllef, De'f a  
Reiber (léft fort).
- Olga : A wo' sin dan de' aner, dass ként vun e me' hei ass. Do leit  
de' sche'n Handarbecht vum Marianne, dem Anny seng Blumen  
leien um Buedem, a wo' soll d'Victorine sech nés eröm dreiwen.  
Elo kucken ech emol no senge Bicher, aus dénen et ömmer de'  
elle Geschichte liest. De' könne mer guer net gefalen !  
(et ramo'ert eröm am Schaf) O Mamm, wat ass nömmen hei  
lass ? (se'er fort).
- Caroline : (eran) Wann ech nömmen we'st, wo' mei Mi'el hikommen ass,  
ech hat d'Schossel dermat hei stoe geloss, dât Haus hei  
ass verhext ! (et rubbelt am Schaf. Caroline fiert zesummen,  
le'sst d'Hänn lanscht sech erof hänken a bleiwt steif stoen.  
Et klappert mat den Zänn) Wat war dat ? O, et spukt hei,  
et mache mech fort (fort).
- Directrice : Wat ass nömmen hei am Zömmen lass, all kommen se se'er  
draus eraus gelaf.
- Caroline : (ass haner der Directrice era kom) Joffer, hei bannen ass  
alles verhext !
- Directrice : Dir sid net recht weis, Caroline.
- Caroline : Ma dach, awer hei ass alles verhext, mei Miel och. Ech kann  
elo ké Kuch backen wann de' nei Joffer kent (et rubbel eröm)
- Directrice : Jo, elo hun ech och eppes he'eren, wat kan dat nemme sin ?
- Caroline : Ech gi fort, ech bleiwe net me' hei.  
(Olga, Anny a Marianne kommen eran)
- Directrice : A, do sid der jo. Huet der och schon de' Hexerei elei  
gehe'ert ?
- Olga : Oh, jo Joffer, Hei am Schaf huet et schecklech geklappt.
- Anny : Ech hun et och gehe'ert, Joffer !
- Marianne : An ech och.
- Directrice : Hei an dösem Schaf ? Mais wo' ass de Schlössel dann ?
- All : Mir wössen et net. D'Victorine wärt e wuel an der Täschen hun !
- Directrice : Wo' ass d'Victorine dann ?
- All : Mir wessen et net, Joffer.
- Caroline : D'Victorine ass secher mat mengem Miel verhext (et rubbelt eröm)
- Directrice : Do ass eppes net richtig. Si dir am Schaf, Victorine ?
- Anny : Jo, dat muss hat sin, wie könt et soss sin ?
- Olga : Vleicht wöllt hat ons erfe'eren.

- Directrice : Dat wär ower onerhe'ert !
- Caroline : De Schaf ass verhext !
- Directrice : Elo lossen ech de Schaf opbriechen. Olga, gitt gleich de Schmadd ruffen.
- Victorine : (könt ganz niddergeschloen eran) O jé, we' muss ech mech elo schummen, elo könt alles eraus.
- Directrice : A wo' wart dir, Victorine ?
- Victorine : Ech war bei d'Polizei (all zesummen) Oh, Ah !
- Directrice : A wat huet dir dann bei der Polizei gemat ?
- Victorine : (weist d'Zeidong) Kuckt, dat elei hat ech gelies an du hun ech gemengt, de' nei Joffer wär den Diamantende'f, dén se do sichen. Si geseit genau eso' aus we' den De'f dén am Signalement ugin ass.
- Directrice : Mei Gott, da setzt de' nei Joffer secher hei am Schaf. Wat dir eis awer fir domm Geschichten macht, dat alles könt vum Liesen an de Kriminalgeschichten. Wat hun se dan op der Polizei gesot ?
- Victorine : Si hu mech ausgelacht ! (D'Médercher lachen all)
- Directrice : Majo, dat gléwen ech, kuckt emol hei. Dat ass jo am Joer 1939 geschitt a net am Joer 1949. Nu macht de Schaf op a se'er !
- Victorine : O je, wan elo de' nei Le'erin mech verkloe ge'f ! (mecht de Schaf op) (D'Le'erin könt eraus. Si ass ganz be's. De Kachläffel huet se an der enger Hand an d'Mielschossel an der aner. Si ass ganz vu Miel bestöpst, wöllt schwätzen, brengt awer ké Wuert eraus).
- Directrice : Ech hu mer et geduecht (fällt op e Stull) Entschöllegt, Joffer !
- Anny, Marianne, Olga : (D'Victorine huet sech lues aus dem Stöps gemacht) Bonjour, Mademoiselle !
- Caroline : (hölt sei Mieldöppen) Endlech hun ech dech eröm!

R I D E A U  
=====